N°3939
Entrée le 15.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3939 vum 20. Abrëll 2026 vum honorabelen Deputéierten Dan Biancalana zum Sujet "Traitement des enquêtes pour personnes disparues".

1. Wéi eng Systemer stinn der Police aktuell zur Verfügung, fir Vermësstemeldungen ze traitéieren, a ginn dës als adequat ugesinn?

Der Police stinn eng Rei Systemer zur Verfügung, déi et souwuel erlaben, Patrullen op e Fait vun enger Vermësstemeldung ze dispatchen an um Terrain ze coordonéieren, wéi och de Suivi vun der Meldung ze garantéieren, awer och fir d'Persoun als vermësst ze signaléieren an ëmgedréint, dee Moment, wou se rëm optaucht. An deem Sënn ass d'Police gutt opgestallt, wat d'Gestioun vu esou engem Fait ubelaangt.

Ech verweisen hei zousätzlech op d'Antwërt op déi éischt Fro vun der parlamentaresch Fro n°3931.

D'IGP huet, op Basis vum Presseartikel wou den anonymmen Témoignage aus der Police zitéiert gëtt, eng administrativ Enquête opgemaach a wäert an deem Kader d'Prozedur vu Signalementer vun Disparitioune béi der Police analyséieren.

2. Wéi erklärt d'Regierung, dass Enquêten a verschiddene Fäll no kuerzer Zäit stagnéieren oder agestallt ginn?

Wann dëst de Fall soll sinn, wäert der IGP hir Enquête Opschloss heizou ginn.

3. Sinn déi aktuell Ressourcë genuch, fir eng effikass Sich ze garantéieren?

D'Ressourcë kënne jee no degré d'inquiétude vun der Vermësstemeldung adaptéiert ginn. Bis elo gouf et am Kader vun esou enger Sich, der Police no, nach ni e Problem a Punkto Ressourcë.
Dëse Punkt wäert och vun der IGP analyséiert ginn.

4. Firwat ginn et keng Statistiken, ob vermësst Persounen erëmfonnt goufen?

Wéi schonn an der Äntwert op dei parlamentaresch Fro n° 3931 erklärt ass, stellt d'Police fest , dass et an der Praxis ganz heefeg och déi selwecht Persoune sinn, déi innerhalb vun engem Joer e puermol als vermësst gemellt ginn an dann nees optauchen. Sou Statistike kéinten deemno e verzerrte Bild no bausse ginn. Aus dësem Grond ginn och keng Statistike vun der Police erstallt.

5. Wéi eng konkret Mesurë plangt d'Regierung, fir d'Sich no vermësste Persounen ze verbesseren?

Wéi an der Äntwert op d'Fro 1 erklärt ass, ass d'IGP ass amgaang eng Enquête ze maachen.

6. Ass geplangt, eng spezialiséiert Divisioun fir Vermësstefäll opzebauen an/oder spezifesch Formatioune fir déi zoustänneg Beamten anzeféieren? Wéi gëtt d'international Zesummenaarbecht am Beräich vu Vermësstemeldungen aktuell organiséiert, besonnesch mat Nopeschlänner an europäeschen Instanzen, a gesäit d'Regierung hei Verbesserungsbedarf?

Ech verweisen hei op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3931 wou gesot gëtt, dass d'Police schonn eng spezialiséiert Unitéit huet, déi d'Vermësstemeldungen ophëlt an och traitéiert.

Lëtzebuerg, de 15. Mee 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden